***D'Geschicht vun der Oktav.***

Viru méi wéi 350 Joer ass hei zu Lëtzebuerg d'Oktav entstane.

Deemools, am Joer 1620, war Krich an eisem Land. D'Zaldote sinn duerch Dierfer an d'Stied gezunn an hu villes futti gemaach.

Eng schlëmm ustiechend Krankheet ass ausgebrach : d'Pescht.

Wann een an enger Famill krank ginn ass, huet e meeschtens all déi aner ugestach, an et huet keen sech méi virun Dier getraut. Di meescht Peschtkrank si gestuerwen, well keen Dokter hinne konnt hëllefen.

D'Leit hunn Honger gelidden, well op de Felder näischt gewuess ass a well och d'Baueren hu missen als Zaldoten an de Krich zéien. A ville Famillje gouf et Misär a Nout.D'Leed vun de Leit war grouss. Kee konnt si tréischten. An den Häerzer an am Liewe vun de Mënsche war et däischter.

Deemols hunn an der Stad Jesuitepatere gelieft. Si haten eng Schoul gegrënnt, an där Jonge studéiere konnten : de Kolléisch. D'Pateren hu mat de Schüler a mat de Leit de Rousekranz gebiet.

D'Maria, d'Mamm vum Jesus, war fir d'Mënschen e Virbild. Och si hat an hirem Liewe vill Leed ze droen, mee si huet ëmmer op Gott vertraut.

De Pater Jacques Brocquart huet mat de Schüler aus dem Kolléisch eng aus Holz geschnëtzte Statu vun der Maria mam Jesuskand virun d'Maueren vun der Stad opgestallt. Dat war op där Plaz, déi mir haut „ de Glacis „ nennen.

Hien huet zu senge Schüler gesot : „ Kommt mir gi bei d'Maria a froe si, fir äis ze hëllefen an äis ze tréischten. „

Si hunn zur Muttergottes gebiet : „***Biet fir äis beim Jesus, Hëllef äis an eiser Nout, Tréischt äis an eisem Leed."***

No a no sinn och aner Leit virun d'Statu vun der Maria biede komm.

Si hunn der Maria de Numm: ***„ Tréischterin am Leed „*** ginn.

Am Joer 1625 huet de Pater Brocquart ugefaang, eng Kapell ze bauen, fir déi schéin Muttergottesstatu dranzestellen.

Ëmmer méi Leit si bei d'Bild vun der Maria biede komm. Vill koumen vu wäit hier, si sinn Deeg laang zu Fouss gaang. Si si bei d'Maria gepilgert.

Eemol am Joer hunn d'Pateren d'Statu vun der Muttergottes an hir grouss Kierch, d'Kathedral gedroen.Hei ass d'Statu eng Woch laang bliwwen, an dës Woch gouf **Oktav** genannt. All Dag si feierlech Gottesdéngschter gehale ginn a vill Leit sinn dohinner komm fir ze bieden. Um Schluss vun der Woch gouf Tréischterin an enger feierlecher Prëssessioun zréck an hir Kapell um Glacis bruecht.

Di fuerchtbar Zäite waren nach net eriwwer. Ëm d'Joer 1666 stoungen erëm eng Kéier Krich a Krankheet virun der Dier. Deemools hunn déi Männer, déi eppes an der Stad Lëtzebuerg ze soen haten, d'Maria als Schutzpatréinesch vun der Stad erwielt. Si hunn der Maria versprach, hir ëmmer ze vertrauen. Als Zeechen hu si hir d'Schlëssele vun de d'Stadpaarten geschenkt.

Zwielef Joer méi spéit, 1678 , gouf d'Maria och zur Patréinesch vum Land gewielt.

Zënter där Zäit gëtt et hei am Land d'Oktav. All Joer am Fréijoer ginn d'Leit aus deene verschiddenen Dierfer a Stied vu Lëtzebuerg an aus der Ëmgéigend an d'Stad an d'Kathedral, fir bei der Maria ze bieden.

Wéi de Krich eriwwer war an d'Krankheet duerch Medikamenter geheelt konnt ginn, ass et de Leit am Land erëm besser gaangen.

Well d'Leit esou frou ware mat hirer Tréischterin, hu si hir prachtvoll Kleeder an Häerzer aus Gold a Sëlwer aus Dankbarkeet geschenkt.

D'Maria an d'Jesuskand kruten och eng wonnerbar Kroun opgesat.

Domat wollten d'Leit soen, datt d'Maria fir si wéi eng Kinnigin ass.

Et sinn och vill schéi Lidder geschriwwe ginn, déi nach all Joer an der Kathedral an am ganze Land gesonge ginn.

Quell : Maria , Mass a Mäertchen / Editions Saint Paul / Erwuesse – Bildung